N°4689
Reçue le 25.08.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 25 AOUT 2021

**Objet : Question parlementaire n°4689 du 20 juillet 2021 de Monsieur le Député Fred Keup concernant l'impact des inondations sur les bureaux de la Police grand-ducale**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Pour le Ministre de la Sécurité intérieure,

Carole DIESCHBOURG
Ministre

**Gemeinsam Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet, vun der Madamm Taina Bofferding, Inneministesch a vum dem Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 4689 vum 20. Juli 2021 vum honorabelen Députéierte Fred Keup zum "Impakt vum Héichwaasser op d'Policebüroen".**

**Ad 1)**

Et sinn 2 Police-Kommissariater vum Héichwaasser betraff, deen an der Fiels an deen zu Iechternach.
D'Police-Kommissariat an der Fiels ass allerdéngs net méi operationell an zou.
D'Kellere vun den 2 Gebaier si beschiedegt ginn. Zu Iechternach ass och nach de Rez-de-Chaussée iwwerschwemmt ginn.

**Ad 2)**

De Schued am Police-Kommissariat Fiels kann no enger éischter provisorescher Analys op en Total vun EUR 11'000.- estiméiert ginn, deen sech folgendermoossen zesummesetzt:

| | |
|---|---|
| Heizungsaarbechten : | EUR 5'000.- |
| Elektroaarbechten : | EUR 5'000.- |
| Botzaarbechten : | EUR 1'000.- |

De Schued am Police-Kommissariat Iechternach kann no enger éischter provisorescher Analys op en Total vun EUR 10'000.- estiméiert ginn, deen sech folgendermoossen zesummesetzt:

| | |
|---|---|
| COV (Kuelewaasserstoff) Analysen: | EUR 2'500.- |
| Heizungsaarbechten : | EUR 1'500.- |
| Elektroaarbechten : | EUR 1'000.- |
| Schräineraarbechten: | EUR 3'000.- |
| Botzaarbechten: | EUR 2'000.- |

**Ad 3)**

Duerch d'Interventioun vun de Beamten op der Plaz konnt verhënnert ginn datt wichteg Dokumenter zerstéiert goufen.

**Ad 4)**

Et goufe keng Gefierer vun der Police beschiedegt.

**Ad 5)**

Et ass geplangt, fir d'Kommissariat vun Iechternach, als Iwwergangsléisung, erëm an d'Rei ze setzen. Opgrond vun der Lag a well et en historescht Gebai ass, ass et onméiglech, eng Garantie géint Schied duerch Héichwaasser ze ginn. Well dëst historescht Gebai net komplett un d'Besoine vun engem Police-

Kommissariat adaptéiert ass, gouf et scho virum Schued duerch d'Héichwaasser Diskussiounen en Vue vun engem neie Police-Kommissariat zu Iechternach. Dofir gesi sech déi zoustänneg Acteuren hei duerch zousätzlech bestäerkt an hiren Démarchen.

**Ad 6)**
Der Police hir Kapazitéit fir operationell z'intervenéieren ass zu kengem Zäitpunkt impaktéiert gewiescht. Déi lokal Aktivitéite si vun Nopeschunitéiten iwwerholl ginn. Doriwwer eraus war d'Police och am Poste de commandement avancé vum CGDIS am Asazzenter zu Iechternach vertrueden, fir d'Koordinatioun mat de Rettungsdéngschter sécherzestellen.